N°1549
Entrée le 28.11.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Finances

**Äntwert vum Finanzminister, Gilles Roth, op d'parlamentaresch Fro n°1549 vum 20. November 2024 vum éierbaren Deputéierten Marc Goergen iwwer d'Garantie de dépôt**

Am Juni 2023 huet d'EU-Kommissioun déi europäesch Bankenautoritéit (EBA) ëm eng Stellungnam betreffend enger Reform vun der Garantie de dépôt gefrot, ënnert anerem a Bezuch op eng Erhéijung vum garantéierte Betrag vun 100.000 Euro. D'EBA koum an hirem Rapport zum Schluss, dass eng Erhéijung vun dësem Montant net néideg wier. Och well déi proposéiert méi héich Deckungsbeträg, op där enger Säit, käschtenintensiv wieren an, op där anerer Säit, just begrenzt positiv Auswierkungen op d'Finanzstabilitéit an de Verbraucherschutz hätten. Donieft kéint eng Erhéijung vum garantéierte Betrag, laut der EBA, och dozou verleede gréisser Risiken (moral hazard) anzegoen.

Et ass doriwwer eraus ervirzesträichen, dass d'Reform vum Krisemanagement vun de Banken net dorobber ofziilt de Montant vun der Garantie de dépôt ze erhéijen, mä insgesamt all d'Spuerer an hir Erspuernisser besser ze schützen. Déi Lëtzebuerger Regierung wäert sech deemno zum Gesamtpak an net op eenzel Deeler positionéieren.

Lëtzebuerg, de 27. November 2024

De Finanzminister

(s.) Gilles Roth